LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 06 MAI 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 MAI 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire n°613 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet des émoluments touchés par les administrateurs représentant l'État ou une personne morale de droit public dans une société anonyme**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°613 du 8 avril 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire n°613 de Monsieur le Député Marc GOERGEN

Den honorabelen Deputéierten stellt eng Réi Froen am Zesummenhang mam System vun den "Émoluments" déi d'Beamten kréien wann se vum Regierungsrot mandatéiert sinn fir am Verwaltungsrot vun enger Entreprise deelzehuelen an där de Staat Aktionär ass.

Den Deputéierten weist op d'parlamentaresch Fro n°605 vum 27. September 1996 hin. D'Regierung huet an der Vergangenheet verschidde parlamentaresch Froen iwwert dëse Sujet beäntwert a verweist hei notamment op d'Äntwerten op déi zwou parlamentaresch Froen n°130 an 274 aus dem Joer 2014.

D'Ernennung vun deenen eenzele Beamten als Member am Verwaltungsrot vun engem Etablissement public respektiv enger Entreprise an där de Staat eng Bedeelegung huet ass eng Décisioun vum Regierungsrot.

Fir den Detail vun alle Gesellschaften an deenen de Staat eng Participatioun huet an an deenen en duerch een oder méi Beamten am Verwaltungsrot vertruedenass, verweist d'Regierung op d'Regelen déi am ofgeännerten Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Comptabilitéit an d'Trésorerie de l'État festgehale goufen an no deenen d'Trésorerie gehalen ass e Regëster vun all de Participatiounen dat ëffentlech zougänglech ass um Internet ze féieren: https://te.public.lu/fr/participations.html

2017 ass en Annuaire zesummegestallt ginn mat alle wichtegen Informatiounen iwwert déi staatlech Participatiounen wou all Gesellschaft mat senge Vertrieder an de Verwaltungsréit och extra ernimmt waren. Dësen Annuaire vun iwwer 190 Säiten fënnt een ënnert dem folgende Lien :
https://mfin.gouvernement.lu/fr/publications/Divers/ParticipationsdelEtat0/ParticipationsdelEtat2017.html

D'Gesetz iwwert d'Gesellschaften gesäit sengersäits fir dass all Gesellschaft eng aktualiséiert Lëscht vu de Memberen am Verwaltungsrot muss féieren a beim "Registre du commerce et des sociétés" deposéieren déi dann jidderengem fräi zougänglech ass op der elektronescher Plateform „RESA – Réseau électronique des sociétés et associations".

D'Gesetzgebung iwwert de "Registre du commerce et des sociétés" gesäit d'Veröffentlechung vun den "émoluments" fir déi d'Memberen vun den Gestiouns- an Iwwerwaachungsorganer kréien, a garantéiert eng komplett Transparenz vun dësem Aspekt vum Fonctionnement vun den Entreprisen.